

# HANNER TRUELJEN

Se haten nët dacks Besuch am Tutesall. An deenen éischte Joren, wou hien heiënne war, huet ni een sech gewisen. Du koum alt emol e Minister bis erof, well d'Jongen op den Daach geklomme waren; 't waren och scho Giischtercher aus dem Ausland hei, déi de Gronn besicht hun an och hei era koumen; eng Kéier waren der vun den Zeitungen hei, déi herno allerlee iwwert si geschriwwen hun.

Se koumen da meeschtens bal bis hannen an de Sall, bei hien a séng Maschinn, op där hie Kleederbüschte gemaach huet. Mä mat him geschwat, esou wéi mat deenen aneren, bei den Tuten, bei de stréiene Still oder de Kierf, huet keen. 'T war him, wéi wann de Giischtchen schon dobaussen zum Besuch gesot hätt: Loost deen hannen am Eck mat Rou.

An hiren heemleche Blécker awer huet e gelies, datt hien se intreséiert huet, datt se gäre mat him an d'Gespréich koum wiren. A wann se da gaange sin, huet ee gemierkt wéi se dem Giischtchen allerlee Froë gestallt hun, a méi wéi een huet nach eng Kéier hannerun sech gekuckt. Hie wusst genee, wat se de Friemen iwwer hie gezielt hun.

Haut as den Himmel fir eng Kéier blo, nët eng Wolleka steet douewen iwwert dem Fëschmaart. Dovir bei der Uelzecht as e grouse Vogel amgang säin Nascht an e Birkbam ze setzen. 'T as well dräi Jor, datt en do baut. Ennert dem Bam stounge gëschter zwee Bouwen.

Gëschter war och ee vum Geriicht heiënne, fir mat him ze schwetzen. Zanterhier wullt eppes an him. Se kéimen elo geschwënn all op Schrassig, sot dee vum Geriicht, mä hie géif elo e fir allemol fräigelooss, e soll sech alt lues a lues drop virbereeden.

Wéi dee vum Geriicht fort war, huet e geduecht, se si kéng. Sou kéng waren se bis elo an deenen zwanzeg Joër nët.

Sechsmol huet e probéiert, fir hei erauszekommen. Déi éischte Kéier wollt e fortlafen, mä hie war keng honnert Meter bis baussent d'Dir komm. Déi aner Kéier huet hien et einfach mat guddem Behuelen voursicht, mä séng Bréiwer un de Groussherzog sin émmen nees bei deemselwechten Dokter gelant. Déi zwou leschte Kéieren waren se souguer zu dräi, wéi se hien ënnersicht an him déi verréckste Froen gestallt

hun. „Ech weess och nët, firwat se dech nët lafe loossen“, sot de Vic, deen eelste Giischtchen, deen eenzege, dee schon hei war, wéi se hien ageliwwert hun. „Sou laang war nach keen heiënne“, sot en.

Hie wusst, firwat se hie behalen hun, a wann de Vic et wiirlech nët wusst, déi aner Gefaangen haten et séier spat. „En as nach émmen ze geféierlech“, gouf hannert séngem Réck gemierwelt, doënne am Haff, am Tutesall, an der Kantin. Hien huet et méi wéi eng Kéier matkritt. „Se kënnen sech kee Réckfall leeschten, 't as zevill Politik derhannert“, huet et geheescht.

Zwanzeg Joër sin e laangen Dag, mä Gott a mäin Här! Hien huet den Dokteren heemlech recht gin, wéinstens bis viru fënneg Joër nach.

Durch séng Fënschter gesäit en erop op d'Corniche, a wann an all deene Joren ausgelooSENT Kannerlaachen bis erof koum, oder wann s'um Wee fir an de Fraëprisong, wou fir d'Männer gewäsch gët, no laanscht där klenger bronnger Poppen, mat deene schwaarzen Hoër an nach méi schwaarzen Aë gejabelt sin, dann huet et him méi wéi eng Kéier

an de Schleefe gehummert. An och wat hien nuets géng dreemen, wollten d'Doktere wëssen.

Schrassig! Dat Wuert as him an d'Knache gefuer. Elo réischt as en derhannert komm, firwat en an deene leschte fënneg Joër keng Bréiwer wéi geschriwwen huet. An zwanzeg Joër winnt een sech un alles, u Mauren, un Trueljen, un séng Biischtemaschinn, un e puer Giischtercher, u séng Bud.

Nieft grouse faarwege Kalenerblieder hänkt jhust nach d'Foto vu sénger Mamm un der Mauer. S' as viru sechs Méint gestuerwen. Doheem as kee méi, hie géng do och sécher bal kee méi kennen, wann en sech heem géng trauen. Heem, dat war elo zwanzeg Joër hei. An elo wëllen se hien erausgeheien; well se plënnere. Hie bekuckt sech am Spiegel.

'T gët e wonnerschéine Fréijoorsowend. Elo sin déi zwee Bouwe vu gëschter nees ënne bei der Uelzecht; ënnert der Birk an dem Nascht mat deem grouse Vogel.

Et steet him näischt Gutts un.



Illustration: Hendrik van den Kerchove